# Por Öewersauer Sankt Pirmin



## Gottesdéngscht Doheem

## Päischten - 2020

**Virum Gottesdéngscht**:

- *Sicht Iech eng Platz fir de Gottesdéngscht ze feieren!*

- *Maacht des Platz schéin mat engem Dëschelduch, engem Kräiz, enger Bibel, engem Bild, ...*

- *Liest de Gottesdéngscht eng Kéier duerch. Wéi eng Texter wëllt Dir huelen? Wéi eng Lidder wëllt Dir sangen? Bei de Lidder ass och all Kéier e Youtube Link dobäi, fir se einfach ze lauschteren. Wann Dir zu méi sidd, kënnt Dir d'Texter opdeelen.*

- *Lo kann de Gottesdéngscht ufänken!* 😊



**Kräizzeechen**
Am Numm vum Papp vum Jong a vum Hellege Geescht.
Amen.

**Ufankslidd**: L’Esprit de Dieu repose sur moi (Laudate Dominum: 473)
(Youtube: https://www.youtube.com/watch?v=pwshLmkL8kU)

**Ufanksgedanken**

Als Chrëschten si mer e Liewe laang op der Sich no deem Gott un dee mir gleewen. A wann mer mengen, mir hätten hien elo endlech fonnt, da musse mer feststellen, datt dee Gott awer erëm ganz anescht ass, wéi mir eis dat virgestallt hunn.

Dobäi vergiesse mer oft, datt mer jo am Fong geholl den Härgott an eis droen. An zwar duerch den hl. Geescht, deen eis geschenkt gouf. Haut op Päischte feiere mer dësen hl. Geescht, deen eis net nëmmen den Härgott e gutt Stéck méi no bréngt, mä deen eis och als Gemeinschaft matenee verbënnt.

Mir hunn eis als Gemeinschaft schonns zwee Méint laang net méi gesinn. Dofir invitéieren ech iech dëse Sonndeg iech e kuerze Moment Zäit ze huele fir un eenzel Leit aus eiser Gemeinschaft ze denken. Kënnt iech nach deen een oder aner an de Sënn?

(*Stell iech eenzel Leit vir déi ëmmer mat iech zesummen an der Mass waren. Oder zielt an der Famill eenzel Nimm vu Leit op déi iech an de Sënn kommen*).

**Kyrie-Gedanken**

Verbonnen als Gemeinschaft si mer virum Härgott a bieden zu him:

V: Du féiers zesummen, wat vunenaner getrennt ass. Här, erbaarm dech eiser!
A: *Här, erbaarm dech eiser!*

V: Du schécks eis de Geescht vun der Eenheet. Christus, erbaarm dech eiser!
A: *Christus, erbaarm dech eiser!*

V: Du méchs aus eis Zeie vun denger Léif an der Welt. Här, erbaarm dech eiser!
A: *Här, erbaarm dech eiser!*

**Gloria-Lidd:** Gloire à Dieu (Laudate Dominum: 354)
(Youtube: https://youtu.be/aYDjSKo6M_Q)

**Gebiet vum Dag**

Lieber Gott, obwohl wir dich nicht sehen, bist du trotzdem ganz nahe bei uns. Du schenkst uns deinen Heiligen Geist und die Kraft mutig und stark zu sein, um deine Botschaft zu den Menschen zu bringen. Sei bei uns, wenn wir begeistert von dir erzählen. Darum bitten wir durch Jesus, unseren Bruder und Freund. Amen.

**Lesung**

Lesung aus dem neuen Testament (nacherzählt nach Apg 2, 1-11)

Zum ersten Pfingstfest waren alle Freunde von Jesus wieder versammelt. Plötzlich hörten sie in dem Haus, in dem sie waren, ein lautes Rauschen, wie wenn ein Sturm kommt. Und über ihren Köpfen sahen sie etwas, das wie Feuer aussah. So kam der Geist Gottes auf die Jünger herab und plötzlich begannen sie in allen möglichen Sprachen zu reden. Sie wurden mutig und spürten eine ganz besondere Kraft. So gingen sie auf die Straße hinaus. In Jerusalem lebten viele Menschen, die viele verschiedene Muttersprachen hatten. Doch plötzlich konnte jeder von ihnen die Jünger in ihrer eigenen Sprache hören. Und sie erzählten den Menschen begeistert von den wunderbaren Taten Gottes.



Wort des Lebendigen Gottes
A: Dank sei Gott.

**Päischtsequenz**

Fir Päischte gëtt et ee besonnescht Gebiet zum hl. Geescht (Päischtsequenz). Huelt iech roueg Zäit fir dës Wierder op iech wierken ze loossen…

Komm herab, o Heil'ger Geist,
der die finstre Nacht zerreißt,
strahle Licht in diese Welt.

Komm, der alle Armen liebt,
komm, der gute Gaben gibt,
komm, der jedes Herz erhellt.

Höchster Tröster in der Zeit,
Gast, der Herz und Sinn erfreut,
köstlich Labsal in der Not.

In der Unrast schenkst du Ruh,
hauchst in Hitze Kühlung zu,
spendest Trost in Leid und Tod.

Komm, o du glückselig Licht,

fülle Herz und Angesicht,
dring bis auf der Seele Grund.

Ohne dein lebendig Wehn
kann im Menschen nichts bestehn,
kann nichts heil sein noch gesund.

Was befleckt ist, wasche rein,
Dürrem gieße Leben ein,
heile du, wo Krankheit quält.

Wärme du, was kalt und hart,
löse, was in sich erstarrt,
lenke, was den Weg verfehlt.

Gib dem Volk, das dir vertraut,
das auf deine Hilfe baut,
deine Gaben zum Geleit.

Lass es in der Zeit bestehn,
deines Heils Vollendung sehn
und der Freuden Ewigkeit.
(Amen. Halleluja.)

**Halleluja-Lidd:** Der Geist des Herrn erfüllt das All (Laudate Dominum: 471)
**(Youtube:** https://www.youtube.com/watch?v=mwHMzAdybt4)

**Evangelium**

Aus dem heiligen Evangelium nach Johannes.
Ehre sei dir o Herr!

Am Abend dieses ersten Tages der Woche,
als die Jünger aus Furcht vor den Juden
bei verschlossenen Türen beisammen waren,
kam Jesus,
trat in ihre Mitte
und sagte zu ihnen: Friede sei mit euch!
Nach diesen Worten
zeigte er ihnen seine Hände und seine Seite.
Da freuten sich die Jünger, als sie den Herrn sahen.
Jesus sagte noch einmal zu ihnen: Friede sei mit euch!
Wie mich der Vater gesandt hat,
so sende ich euch.
Nachdem er das gesagt hatte,
hauchte er sie an
und sagte zu ihnen: Empfangt den Heiligen Geist!

Denen ihr die Sünden erlasst,
denen sind sie erlassen;
denen ihr sie behaltet,
sind sie behalten.

**E kuerze Gedanken**

Eis Aktioun fir Päischten heescht: „Feier a Flam sinn“. Dofir hate mer dës Woch déi grouss a kleng Leit aus eiser Gemeinschaft invitéiert eng Flam ze gestalten an sech dobäi d’Fro ze stellen: **„Wat kann ech maache fir datt eis Gemeinschaft méi staark gëtt am Glawen? Oder: Wéi gesäit eng „begeeschtert“ Gemeinschaft aus?“** D'Flame sinn an de Kierchen vun Tarchamps, Dol an Toodler opgehaange ginn. Gitt se roueg kucken… Et deet eis all gutt, wa mir mierken: et ginn nach vill Leit an eisen Dierfer déi fir de Glawe „Feier a Flam“ sinn.

Jo, d‘Feier spillt op Päischten eng grouss Roll. Et gëtt als Symbol gebraucht fir den Hellege Geescht, deen eis vum Herrgott geschenkt gëtt. Eng Kraaft déi eis hëlleft, wa mer eis fir de Glawen asetzen. D‘Feier ass eigentlech eppes Positives. Et hëtzt, et wiermt, et mécht hell. Mä et kann awer och eng Kraaft entwéckelen, déi ganz séier ausser Kontroll geréit, an déi engem richteg Angscht ka maachen.

Dofir sinn ech besonnesch beim Saz an der Liesung vun haut stoe bliwwe wou stoung dass do op eemol ee Feier vum Himmel erof komm.: „über ihren Köpfen sahen sie etwas, das wie Feuer aussah“, sou stoung am Text. Feier iwwer dem Kapp… Ganz gemittlech klengt dat net onbedéngt. An ech denken: et soll och net gemittlech a schéi kléngen. D’Feier ass am Text nämlech ee Bild fir den hl. Geescht. Ween sech wierklech op deen hl. Geescht aléisst, wien mam hl. Geescht spillt, wéi mam Feier - dee muss mat Konsequenze rechnen, - mat enger Kraaft, déi ganz séier ausser Kontroll geréit an d’Liewe verännert.

A wéi, dat kréie mer och an der Liesung vun haut beschriwwen. Et stoung do, datt jiddereen d’Jünger, déi vum hl. Geescht erfëllt waren, a senger Sproch vërstoë konnt.

Kuckt: Keen vun eis ass tselwecht, mä jiddereen huet seng Aart a Weis, seng Manéier, säi Charakter. Net ëmmer esou evident am Zesummeliewe vun eis Mënschen, - och am Zesummeliewe vun enger Gemeinschaft déi sech Kierch nennt. Wéi vill Frustratioun gëtt et, well Mënschen sech net verstane fillen. Wéi vill Enttäuschunge ginn et, well Leit sech net ugeholl spieren. Wéi vill Spannunge gëtt et am Zesummeliewen, well net déi richteg Wieder ee fir deen anere fonnt ginn. A wéi vill Sträit gëtt et schlussendlech, well Mënschen sech net kënnen een an deen aneren era versetzen.

Den hl. Geescht wëll eppes dorunner änneren, andeems hien eis verännere wëll. Hien hëlleft eis, net ëm eis selwer ze kreesen, mä d’Sprooch vum aneren ze

schwätzen an ze vërstoën. Dat heescht datt ech et fäerdeg bréngen een anere Mënsch do of ze huele wou hien steet a mech ganz op hien anzeloossen. Datt ech hien vërstin, an déi richteg Wieder fannen, wann hien mol d'Flemm huet, wann hien traureg ass, a wann hien rosen ass, awer och wann hien sech freet, oder wann hie laacht.

Den hl. Geescht wëll schlussendlech, datt mer de Wee ëmmer erëm een zum anere fannen. An esou wéi d'Feier alles verännert wat him an d'Féiss kënnt, sou verännert den hl. Geescht net nëmmen eis selwer, mä d'ganz Welt, wann mer eis op hien aloossen. Amen.

**Glawensbekenntnis**

Well d'Glaawensbekenntnis dat ausdréckt, u wat mir all gleewen, dofir verbënnt eis dëst Gebiet op eng ganz besonnesch Aart a Weis. An deem Sënn biede mir zesummen:

Ich glaube an Gott,
den Vater, den Allmächtigen,
den Schöpfer des Himmels und der Erde,
und an Jesus Christus,
seinen eingeborenen Sohn, unsern Herrn,
empfangen durch den Heiligen Geist,
geboren von der Jungfrau Maria,
gelitten unter Pontius Pilatus,
gekreuzigt, gestorben und begraben,
hinabgestiegen in das Reich des Todes,
am dritten Tage auferstanden von den Toten,
aufgefahren in den Himmel;
er sitzt zur Rechten Gottes, des allmächtigen Vaters;
von dort wird er kommen zu richten die Lebenden und die Toten.
Ich glaube an den Heiligen Geist,
die heilige katholische Kirche,
Gemeinschaft der Heiligen,
Vergebung der Sünden,
Auferstehung der Toten
und das ewige Leben.
Amen.

**Fürbitten**

Härgott, deng Kierch lieft an der Kraaft vum Hl. Geescht. Mir bieden dofir vertrauensvoll:

- Schenk eis däi gudde Geescht, fir datt mir mat Courage a voller Hoffnung duerch d'Liewe ginn. Komm hellege Geescht.

- Schenk eis däi gudde Geescht, fir datt eis Por-Gemeinschaft mat Phantasie a Freed de Glawe lieft. Komm hellege Geescht.

- Schenk eis däi gudde Geescht, fir datt mir deng Botschaft mat Begeeschterung an d'Welt droen. Komm hellege Geescht.

- Schenk eis däi gudde Geescht, a looss eis spieren, dass du bei eis bass. Komm hellege Geescht.

- *Hei ka jidderee seng perséinlech Fürbitte nach afügen!*

Dorëms biede mer dech a soen dir Merci, duerch Christus eisen Här a Brudder. Amen.

**Lidd**: Maranatha (Laudate Dominum 478)
https://youtu.be/KVMv6xkbd6s

**Vater unser**: Mir bieden zesummen!

Vater unser im Himmel
Geheiligt werde dein Name.
Dein Reich komme.
Dein Wille geschehe,
wie im Himmel, so auf Erden.
Unser tägliches Brot gib uns heute.
Und vergib uns unsere Schuld,
wie auch wir vergeben unsern Schuldigern.
Und führe uns nicht in Versuchung,
sondern erlöse uns von dem Bösen.
Denn dein ist das Reich
und die Kraft und die Herrlichkeit
in Ewigkeit. Amen.

**Meditatiounstext**
**verdichten**

Du weißt,
Gott:
Ein Fels bin ich nicht,
nur ein Stein,
der mitträgt.

Trunken vor Geist:
Ich bin es nicht,
such bloß nüchtern nach dem Wort,
das trifft.
Opfer, ich bringe keine,
und ein Feuer brennt nur selten in mir.
Aber denken und Hand anlegen, das kann ich,
und ein wenig Glut lässt sich finden.
Ich bin nicht dauernd Licht
und nicht unentwegt Salz.
Das Stück Glaube aber,
die Hand voll Hoffnung
und das Maß Liebe,
die wohnen auch in mir,
und darum in deiner Kirche.
*Jacqueline Keune, Von Bedenken und Zusagen*

**Lidd**: Komm, Schöpfer Geist, kehr bei uns ein (Laudate dominum 470)
(Youtube: https://www.youtube.com/watch?v=p344r-VKqP4)

**Segensgebiet** *L = Leser/in A = Alle*

L: Wir haben Angst und sind traurig,
A: Du schickst und deinen guten Geist, damit wir wieder fröhlich und mutig sein können.
L: Wir sehen keinen Ausweg und haben keine Ideen,
A: Du schickst uns deinen guten Geist, damit wir wieder hoffen können.
L: Wir streiten und sind böse aufeinander,
A: Du schickst uns deinen guten Geist, damit wir uns wieder versöhnen können.
L: Wir lachen und freuen uns gemeinsam,
A: Du schickst uns deinen guten Geist, damit wir alle ein schönes Leben haben.
Dein guter Geist ist immer bei uns, gibt uns Hoffnung und Kraft, die uns froh und glücklich macht. Wir bitten dich, segne uns mit den Gaben des Heiligen Geistes und begleite unsere Wege heute und alle Tage unseres Lebens. Amen.

**Kräizzeechen**
Am Numm vum Papp vum Jong a vum Hellege Geescht

# Mir wënschen Iech e schéi Päischten an eng gutt Woch!